ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01. Oktober 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Dossier „Schëttermarjal", um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg, gëtt et ëmmer nach grouss Onkloerheeten, an et sti weiderhin eng ganz Partie, bis ewell, onbeäntwert Froen op.

Dowéinst wéilt ech der Madame Ëmweltminister dës Froe stellen:

1. Wéi geet et weider, wann d'Schlingnatter ëmgesidelt ass, mussen da reegelméisseg Monitoringe gemaach ginn a wa jo, wéi laang? Gesäit do d'europäesch Direktive eppes vir? Muss net nogewise ginn, datt d'Schlingnatter hire neie Liewensraum ugeholl a sech do och reproduzéiert huet, ier hiren ugestaamten Habitat däerf zerstéiert ginn?
2. Firwat gëtt sech just op d'Schlingnatter fokusséiert an net och op déi weider aner national an EU-wäit geschützten Aarten, déi um Site liewen?
3. Si weider Autorisatiounen en Cours fir z. B. deen Deel, dee soll bebaut ginn, ze zerstéieren?
4. Wat passéiert mat deem Deel, dee momentan net bebaut gëtt, a wou d'Schlingnatter fir den Ament ë. a. och lieft (resp. op deen se ëmgesidelt soll ginn)? Gëtt deen Deel ëmklasséiert an eng „Zone Protegée" oder bleift en eng „Zone d'aménagement différée" (ZAD) fir spéider bebaut ze ginn, a wat geschitt da mat der Schlingnatter an all deenen anere geschützten Aarten?
5. Prinzipiell bleift awer och nach déi fundamental Fro, wéi esou eng Ëmsiidlung iwwerhaapt gemaach soll ginn an iwwer wéi een Zäitraum? Et gëtt, mengen Informatiounen no, dozou nämlech a ganz Europa keng Referenzetuden, an unerkannten auslännesch Fachleit stinn esou enger Delokalisatioun iwwerdeems méi wéi kritesch géintiwwer. Wat gesäit hei d'Direktive fir a gëtt et hei am Land en Expert, dee mat der Ëmsiidlung vun der Schlingnatter eng konkret Erfarung huet? Kennt d'Madame Minister Referenzetuden iwwer esou eng Ëmsiidlung, déi si der Chamber kann iwwermëttelen?

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

6. Gëtt mat der Regierungspolitik am Dossier Schëttermarjal net de facto an de jure d'FFH-Richtlinn iwwergaangen, géint nationaalt an EU-Recht, a géint si grad wéi géint d'Konventioun vun Aarhus verstouss? Oder kann d'Madame Minister erklären a wéi wäit hir Politik dee legale Kader respektéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742